PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 30/03/2023

Här President,

Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Sozialversécherung weiderzeleeden.

Am Fall wou een säin Dokters Rendez-vous net mat Zäiten oder guer net ofseet, kann een Dokter eng Rechnung ausstellen. Dës Rechnung gëtt net vun der CNS iwwerholl.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Wéi vill Rechnunge goufen an deene leschte 5 Joer un d'CNS geschéckt wou een "Rendez-vous non observé" facturéiert ginn ass?
2. Huet d'CNS Estimatiounen, wéi oft esou Facturen am Joer ausgestallt ginn?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Deputéierten